TECHUANA 2025 | FIR EX/RO/TB...

„ Der Berg ruft”

Jo ët ass erëm esou wäit, och dës Scouts-Joër fueren MIR nees an Techuana. Du frees dëch also schons drop ouni Elektrësch, Heizung an fléissend Waasser ze liewen. Op Natur Pur, e puer flott Deeg op der Skipist ze verbréngen, dëch verwinnen ze loossen an der Piscine/Sauna, einfach Wanderen ze goën oder e Buch ze liesen bei schnurrender Gazluucht an nët ze vergiessen d'Rodelen oder onsen Remake vum sensationellen Erlebniswanderweg? Dann ass daat genee daat Richtegt fir Dëch!
Mell dëch schnell un, well du wees jo >D'Plaatzen sinn limitéiert !!!

Wien duerf mat: Jiddereen deen bis den 1.09.2024 > 14 Joër kruut !!!

Start: Freidesowes, den **14.Februar 2025** um 18h30 beim Home vun den Lions Bleus
Zerèck: Sonndesmoies, den **23.Februar 2025** um 11h00 beim Home vun den Lions Bleus

Präiss: fir < 18 Joër = **475 € + 250 € = Total € 725**
fir > 18 Joër = **475 € + 275 € = Total € 750**

Daat heescht 475 Euros fir Transport, Chalet, Programm, Iessen, Sauna / Schwämm & déi Léit déi Ski fueren > mussen nach 250/275 Euros fir den Skipass bezuelen.

D'Geld ass ze iwwerweisen op den BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000 „Les Lions Bleus - Rover”
>>> bis **spéidstens den 1.02.2025** mat der Mention “Techuana 2025 & Numm vum Participant”.

Täschegeld: +/- **60 €** ginn duer :)

Material: (waarmen)Schloofsaack, waarm Kleeder, Wanterjacket, Skibox, 2 puer Hännschen, Mutz & Schaal, Turnschlappen, déck Schong, Schwammsachen (fir d'Sauna an d'Piscine), Wächsachen, Bidon, Tächenluucht, komplett Wanteruniform, e klengen Rucksack (fir mat an den Auto mat déngen perséinlechen Saachen & fir an d'Schwämm), ...

(Hues du keen eegent SkiMaterial, kriss du an der Elterenversammlung weider News wèi's de daat solls maan...vue-que dat d'Lounen vun Dësem hei zu Lëtzebuerg mèi gënsteg ass ewèi sur place an Eisterraich)

Elterenversammlung: Fir déi Leit déi mat ginn ass **Versammlung obligatorësch!!!**
Dës ass 1x Mëttwochs am Home vun de Lions Bleus > De genee'n Datum kriss DU nach matgedeelt.
Hei gëss du gewuer wèi den Camp wärt ooflaafen an du kriss och däin perséinlechen Dossier wou Kopien vun dèngen Pabèieren dran kommen, mat der Fiche Médicale an enger Apaacklëscht.

<u>D'Souche muss du awer schnellstens oofginn sinn, well soss bass Du nët offiziel ungemëllt!!!</u>

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

Ech ..... erlaaben mèngem Scout, Explorer, Rover, Tembo

.....
mat um **TECHUANA-Wantercamp'25** (14.-23.02.2025) deelzehuelen.
D'Souche ass sou schnell wéi méiglech bei déngem
Chef oofzegin, **well d'Plaatzen sinn op 20 Lèit limitéiert !!!!!**

Datum&Ënnerschrëft .....

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE